Le caractère urgent de la question n'a pas été reconnu (21.10.2020)

n° 3071

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 11:10, 02/11/2020

Lëtzebuerg, den 02/11/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

U mech sinn Informatiounen erugedroe ginn, dass Fräiwëlleger vum *Corps Grand-ducal d'Incendie et de Secours* de Weekend wärend engem Asaz vun der Police iwwerpréift gi wieren. Mengen Informatiounen no, hunn déi Fräiwëlleg de Beamten hier Badgë gewisen, d'Policebeamten hunn awer nach zousätzlech beim 112 nogefrot op d'Zentral Kenntnis vun dësem Asaz hätt. Esou eng Kontroll kascht zousätzlech Zäit, Zäit déi am Fall vun engem Asaz een entscheedenden Ënnerscheed ka maachen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Huet de Minister Kenntnis iwwert esou Kontrollen ?
2. Wéi eng Uweisungen huet d'Police am Fall, wou si Fräiwëlleger vum Groupe vum *Corps Grand-ducal d'Incendie et de Secours* kontrolléieren ?
3. Wat solle Léit, déi tëscht 23 Auer owes a 6 Auer moies wéinst hirer Aarbecht ënnerwee si, fir Pabeiere mat sech féiere, fir dass Kontrollen esou effektiv a séier wéi méiglech kënne gemaach ginn?
   Ginn am Ministère Formulairen zu dësem Zweck ausgeschafft?
   Falls jo, wéini sinn dës Formularen ze erwaarden?
4. Wéi vill Kontrolle sinn am Kader vun der Ausgangsspär dëse Weekend gemaach ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

REÇU
Par Alff Christian , 15:56, 03/12/2020

Luxembourg, le 03 DEC. 2020

Objet : Question parlementaire n°3071 du 2 novembre 2020 de Monsieur le Député Marc GOERGEN concernant le contrôle du couvre-feu

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

Henri KOX

Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 3071 vum 2. November 2020 vum honorabelen Députéierten Marc GOERGEN iwwert « Kontrollen wärend der Ausgangsspär »

Ad 1):

De Minister fir bannenzeg Sécherheet gëtt regelméisseg iwwer d'Kontrollen, déi d'Police duerchféiert fir d'Anhale vun den Covid Mesuren ze iwwerpréiwen, informéiert a kritt dann och déi betreffend Statistiken matgedeelt. De Minister gëtt awer net iwwert all eenzel Covid Kontroll déi duerchgefouert gëtt informéiert.

Ad 2):

Am Kader vun de Kontrollen, déi d'Police während dem Couvre-feu (23:00-6:00) mécht, gëtt selbstverständlech en Ënnerscheed gemaach tëscht Privatautoen an offiziellen Autoen, déi am Asaz vum Bierger sinn (Ambulanzen an aner Asazgefierer vum CGDIS, asw.). Dës offiziell Ween ginn net vun de Patrullen ugehalen a kontrolléiert, onofhängeg ob se mat der bloer Luucht am Asaz sinn oder net. Sou wéi dëse Fall vum Deputéierte beschriwwe gouf, handelt et sech mat grousser Warscheinlechkeet ëm Fräiwëlleger vum CGDIS, déi mat hirem Privatauto um Wee an hiren Asazzenter waren, well se op en Asaz geruff goufen. Dëse Constat kann d'Police awer réischt maachen, nodeems se déi Persoune kontrolléiert huet.

Ad 3):

D'Police akzeptéiert all vum Employeur validéiert Schrëftstéck wat en Deplacement während dem Couvre-feu legitiméiert, virausgesat, et befënnt een sech am Kader vun den Ausnamen, déi am Text opgezielt sinn. An dem Kontext gouf d'Police informéiert dat de CGDIS senge fräiwëllegen an haaptamtleche Mataarbechter eng Attestatioun ausgestallt huet, fir sech am Fall vun enger Kontroll kënnen auszeweisen.

Ad 4):

Vum Freideg den 30.10.2020 bis zum Méindeg den 02.11.2020 sinn am Zäitraum vun 23 bis 06 Auer insgesamt 102 Kontrollen duerch d'Police duerchgefouert gin.